# Dat Friemt veronséchert

## *Wëll Fra* vum Guy Rewenig an déi nei Iwwersetzung *Cache-Cache*

Charlotte Wirth

De Guy Rewenig ass bekannt dofir, dass hien an sénge Wierker op Mëssstänn an der Lëtzebuerger Gesellschaft opmierkam mécht. Ganz besonnesch d'Thema vun der Marginalisatioun vun Auslänner an Immigranten gëtt a sénge Wierker oft ugeschwat. Personnagen, dei also an eiser Gesellschaft oft als ‚Randfiguren' ugesinn ginn, kréien beim Guy Rewenig eng Stemm, ass desen gesellschaftskriteschen Auteur och den Co-Fondateur vun der Association de soutien aux travailleurs immigrés (ASTI).[1]

Dem Guy Rewenig seng *Wëll Fra,* eng Erzielung, déi 1993 op Lëtzebuerger Sprooch publizéiert gouf, ass kierzlech bei ultimomondo op franséisch nei erauskomm an och hei gëtt enger ‚Randfigur' eng Stëmm ginn: D'Buch zielt Geschicht vum pensionéierten Mars Werfer, deen sech iwwert eng Agence eng néi Fra aus Afrika kommen léist an stellt dës an den Mëttelpunkt vun der Erzielung. Op der Verlagssäit heescht et, et wier „deen éischten Text vun der Lëtzebuerger Literatur, an deem e Personnage aus Afrika eng zentral Roll spillt."[2] Aus dësem Grond ass et interessant ze kucken, wat fir eng Geschicht hei erzielt gëtt, a wéi dëse Personnage duergestallt gëtt.


E kuerzen Resumé: De Mars Werfer ass e pensionéierte Wittmann, dee relativ zeréckgezu lieft. Fir net méi alleng ze sinn, sicht hien erëm no enger Fra an no e puer Enttäuschungen fiert hien iwwert eng Agence, déi Fraen aus Afrika komme léisst. Djalaya ass och séier zu Lëtzebuerg a muss sech an enger friemer Ëmgéigend, enger néier Heemecht vun där et naischt weess an där hier Sprooch et net schwätzt, orientéieren. Aus dem Bléckwénkel vum Mars Werfer erliewt den Lieser dem Djalaya seng Problemer an Schwieregkeeten, mä e gëtt och mam vehementen Rassismus konfrontéiert deem hat op de lëtzebuerger Stroossen, awer och vu Säite vu sengem Mann ausgesat ass. En erlieft wéi Djalaya kämpft, a sech verléiert bis et sech um Ënn d'Liewen hëllt.

*Wëll Fra* ass eng emouvant Erzielung, wonnerbar geschriwwen a mat ville Stäerkten: Esou huet de Guy Rewenig zum Beispill eng immens sensibel Manéier, fir sech an de Personnage vum Mars Werfer eranzefillen: Den einsamen, guttgleewegen Wittmann, deen oft e bëssi onbehollef ass, an a Saache Bezéiung nach net vill Chance hat, weist, wéi einsam an trist d'Liewen ka si wann een am Alter alleng ass an wéi verzweiwelt een da kann ginn. Allgemeng ass d'Thema vum Elengsinn zentral an dëser Erzielung an ëmmer erëm begéint de Lieser Leit, iwwert déi en am Alldag vläicht esou net nodenkt, Leit déi verzweiwelt an alleng sinn, dei de Gedanken un déi ‚grouss Léift' opginn hunn an sech nëmme wëlle gebuergen an ënnerstëtzt fillen. Do ass d'Sylviane, deem seng quasi-Bezéiung mat senger Schildkröt op ganz ironesch Weis beschriwwe gëtt, oder d'Madamm Markowsky, där hire Mann un enger Aart ‚locked in'-Syndrom leid – mee besonesch ee Saz kënnt ëmmer erëm zeréck: „Los mech net alleng."

**_Wëll Fra_ ass demno eng Erzielung, bei där een sech ëmmer erëm muss d'Fro stellen: Weem seng Geschicht gëtt erzielt?**

Méi problematesch ass allerdéngs dem Djalaya seng Geschicht: A wéifern ass et iwwerhaapt seng Geschicht, oder leeft den Text d'Gefor vun der *single story*[3]? Dem Djalaya seng Geschicht ass eng stomm, déi zwar den Kampf ëm Integratioun vun enger afrikanescher Persoun beschreift, dat awer duerch d'Perspektiv vum Mars Werfer an et ass esou

D'Charlotte Wirth mécht säi Master a Cultural Identity Studies op der Universitéit St Andrews.




Guy Rewenig, *Cache-Cache,* iwwersat vum Anna Schlechter, Ultimomondo, 2014




Guy Rewenig, *Wëll Fra,* Ed. phi, 1993.

also eng Erzielung, déi ëmmer schonn vun vir eran duerch seng Perspektiv a seng Virstellungen geprägt ass, fir net ze soe vu senge Viruerteeler a Stereotypen behaft ass. Et ass d'Geschicht vun enger Fra, déi aus der Aarmut an der afrikanescher Wüst, aus „där wëller Géigend" (34) staamt an op Lëtzebuerg kënnt, an der Hoffnung op e bessert Liewen. Eng Fra, déi d'Sprooch vun der néier Heemecht net schwätzt, sech ‚komesch' behëlt a mat de Bréifkëschten schwätzt, déi sech selwer verletzt an sech schlussendlech embréngt. Op der enger Säit probéiert den Här Werfer zwar seng Fra ze verstoen a viru Rassismus ze beschützen („Awer meng Fra war dach keen Ongehaier. Et ass een dach keen Onmënsch, nëmmen well een net schwätze ka wéi d'Leit", S. 35), ob der anerer Säit bleiwt en selwer an deem Rassismus an an der manicheistescher Denkweis verhaft: ‚D'Afrikaner', déi ‚Schwaarz' ginn all an een Dëppen geheit wéi wann et sech ëm eng homogen sozial an kulturell Unitéit handelt: Se ginn ëmmer ërem als ‚Negeren', (61; 92) als knaschteg an faul vernannt („Deene Schwaarzen hir Wunnenge sinn net gesond", S.118.). Djalaya selwer erliewe mer aus dem Här Werfer séngen Aen als en onbeholleft Kand: Ëmmer erëm fuerdert hien hatt op, sech unzepassen, sech ‚europäesch' ze behuelen („Ech si mat him an de Bësch gaang. Ech hunn him et virgemaach: Sou ginn d'Fraen hei bei eis. Riichtaus", S. 51).

*Wëll Fra* ass demno eng Erzielung, bei där een sech ëmmer erëm muss d'Fro stellen: Weem seng Geschicht gëtt erzielt? Ass et wierklech dem Djalaya seng? Den Lieser dierf net vergiessen, dass hei nëmmen eng *single story* vun Afrika gezeechent gëtt: Déi vun Aarmut a Flucht an e ‚bessert' Liewen, vu Kulturschock an dat aus der Vue vum subjektive Lëtzebuerger Erzieler an Haaptpersonnage. D'Afrikanerin selwer bleiwt stomm.

Näischt desto trotz ass dëst Buch héich relevant an hält eiser Gesellschaft e Spigel vir. De Guy Rewenig ass deen Eischten, deen sech an der Lëtzebuerger Literatur getraut huet d'Situatioun vun enger afrikanescher Fra ze beschreiwen: Et ass eng Geschicht, déi de Lieser nodenklech stëmmt an déi mam Fanger wéist op den offene Rassismus, d'Schwieregkeeten an op

d'Onverständnes, mat deenen een als ‚Friemen' zu Lëtzebuerg konfrontéiert gëtt. Virum Hannergrond vun der Neioplo vun dësem Buch léist sech dofir ganz besonnesch d'Fro stellen: Sinn mir nach esou bornéiert an rassistesch wéi virun 20 Joer oder huet eis Lëtzebuerger Gesellschaft séch weiderentwéckelt a gi mir deem Bild vun enger frëndlecher, multikultureller an toleranter Natioun gerecht, dat kierzlech ereischt zum Ulooss vun der 175-Joer-Feier vun der Onofhängegkeet vum Grand-Duché stiliséiert gouf? Wéi *d'Lëtzebuerger Land* a sénger Rezensioun vun der rezenter Iwwersetzung, *Cache-Cache,* schreiwt, ass d'Sozialkritk am Buch och 20 Joer méi spéit ëmmer nach aktuell, an hält eiser Gesellschaft also e Spigel entgéint.[4] A wéi de Guy Rewenig selwer an engem rezenten Interview seet, soll dëst Buch de kritesche Bléck vun der Gesellschaft op dat Friemt exposéieren.[5] Dat geléngt dem Buch allemol. Wat *Wëll Fra* an *Cache-Cache* entbléissen, ass dei intolerant Art a Wéis, wéi mir mat deem ‚Friemen' an eisem Milieu ëmginn. Wéi mir mat Onverständnis réagéieren, mat Stereotypen, Feindséilegkeet an Rassismus, anstatt ze probéieren, eis an Personnagen ewéi Djalaya eranzeversetzen D'Neioplag vum Buch dréit am Ideallfall dozou bai, dass mir eis kritesch mat eis selwer befaassen an eis d'Fro stellen, ob mir wierklech esou eng ‚multikulturell' an ‚offen' Gesellschaft sinn ewéi mir mengen. Et ass nämlech eng Saach, dësen ‚Image' vum toleranten an oppenen Lëtzebuerg no baussen ze proapagéieren, eng ganz aner ass ët awer dës Aussoen an d'Praxis emzesetzen – eis Réalitéit ass leider vill mei fragmentéiert an intolerant, wéi mir et no baussen gären duerstellen.

Dobäi kann een dëst Wierk awer och an en méi breeden Kontext setzen an et limitéiert sech net nëmmen op eis Lëtzebuerger Gesellschaft. Esou betount den Auteur, dass *Wëll Fra* keng spezifesch Lëtzebuerger Geschicht ass, stellt sech den Problem vun der Veronsécherung duerch dat Friemt dach iwwerall op eiser Welt.

An dësem Sënn ass ët ze begréissen, dass den Guy Rewenig sech un esou schwiereg Themen traut an Personnagen zeechent, déi an éiser Litteratur an Gesellschaft weiderhin marginaliséiert ginn an et bléiwt interessant fir wéider ze verfollegen ewéi dëst Buch vum Publikum opgeholl gëtt an virun allen vun Léit mat Migratiounshannergrond, déi sech vielleicht méi oder manner am Djalaya sénger Situatioun erëmfannen – ass den „Zweck vun esou enger Iwwersetzung" dach, „fir méi e breeden Public unzeschwätzen an och Leit ze erreechen, déi net Lëtzebuergesch schwätzen"[6] an esou enger méi grousser Lieserschaft Zougang zu enger wichteger an universeller Thematik ze ginn wéi et di Lëtzebuerger Sprooch zouléisst. ◆

1 Fir méi Informationen, cf: Frank Wilhelm, Éloge d'un écrivain indigné: Guy Rewenig, *forum* 250, Oktober 2005.

2 Spéider huet den Guy Rewenig am Kannerbuch *Komba la Bomba* (Editions phi, 1999) an an der franséicher Satire *Le chef d'orchestre à la baguette de bamboo* (ultimomondo, 2007) wéideren afrikaneschen Personnagen eng Haaptroll ginn. Interessant heizou ass dem Frank Wilhelm séng Geigeniwwerstellung vun dësen dräi Wierke: „La représentation de ressortissants africains en Luxembourg chez l'écrivain grand-ducal Guy Rewenig", ze fannen ënner: ecritures.univ-lorraine.fr/textes/JE_2008_FrankWilhelm.pdf [19.11.2014].

3 Gemengt ass heimadder den Faite, datt bestëmmten Kulturen ëmmer an ëmmer erëm an dem selwechten Liicht representéiert ginn.

4 http://www.land.lu/2014/09/05/ni-noir-%E2%80%A8ni-blanc%E2%80%A9/ [19.11.2014].

5 http://www.rtl.lu/kultur/519913.html [19.11.2014].

6 http://www.rtl.lu/kultur/519913.html [19.11.2014].

